Die Konvention regelt die Beziehungen zwischen der a.s.b.l. „Amis de l'Orgue Diekirch“ und der Gemeinde Diekirch, die nunmehr ab April 2007 rechtmäßiger Besitzer des Instruments ist. Die Orgelfreunde behalten ihrerseits ein Nutzungsrecht. Sie können weiterhin Konzerte in Zusammenarbeit mit der städtischen Kulturkommission organisieren und auch CDs aufnehmen lassen. Die Honorare der Künstler übernimmt die Gemeinde, derweil die Orgelfreunde sich weiterhin um die

eigentliche Organisation der Konzerte kümmern.

Den Mitgliedern steht auch das Recht zu, die Orgel außerhalb der offiziellen Schulstunden benutzen zu dürfen. Der Vorstand der Vereinigung erhielt deshalb einen Schlüssel für den Zugang zur Alten Kirche und dem Instrument. Die Gemeinde übernimmt die Unterhaltskosten des Instruments und die Versicherungsprämie.

Die Orgelfreunde können sich nun verstärkt auf das Projekt „Neue Orgel“ in der Dekanatskirche konzentrieren. Zurzeit sammelt der Verein nämlich Spenden, um die restaurierungsbedürftige Orgel der Diekircher Dekanatskirche (1870/1951) zu erneuern. Informationen zu diesem Unterfangen findet man auf der Homepage www.aod.lu.

André Bauler



© Marc Feiten

De Nordstadlycée - deen anere Lycée



© Luc Dharmen, Administration des bâtiments publics

In nur wenigen Wochen wurden die einzelnen Elemente des Gebäudes zusammengefügt.

Zwischen der Hotelschule und dem „neuen“ Gebäude des Lycée classique Diekirch entstand quasi über Nacht ein neues Schulgebäude, welches an die frühere „Annexe“ des Lycée Technique d'Ettelbruck angebaut wurde. Zusammen beherbergen die beiden Gebäude seit dem 15. September 2007 provisorisch die erste Phase des durch das Gesetz vom 13. Juli 2007 geschaffenen „Nordstadlycée“. Später soll diese Schule diesen Standort wieder verlassen und ausgebaut werden.

Zur Zeit bietet das Nordstadlycée sämtliche Klassen des unteren Zyklus des technischen Unterrichts, inklusiv des Modularunterrichts an, sowie eine 7. Klasse des klassischen Sekundarunterrichts, der dann die weiteren Klassen des unteren Zyklus dieses Unterrichtszweiges folgen werden. Auch sind einige Klassen der dualen Handwerker Ausbildung (CITP/CCM) sowie eine 10. Klasse der Malerausbildung im Nordstadlycée beheimatet. Nebst einem hochwertigen Unterricht, der entsprechend der neuesten pädagogischen Erkenntnissen kompetenzorientiert organisiert ist, bietet das NOSL eine ganze Reihe von Zusatzaktivitäten im kulturellen, sportlichen handwerklichen und sprachlichen Bereich an, sowie Aufgabenhilfen (études surveillées) und Unterstützungskurse (études avec appui intensif), um die Schüler auch ausserhalb der normalen Kurse betreuen zu können.

Diese Aktivitäten werden sowohl von Lehrern als auch von Sozialpädagogen unserer Schule organisiert. Sie zielen darauf hin, es den Jugendlichen zu ermöglichen eventuelle Lücken zu schliessen, zusätzliche Kompetenzen zu erwerben und ihre Persönlichkeit zu entwickeln. Die Bewertung der angeeigneten Kompetenzen wird im „Portfolio“ dokumentiert und mit einem Teilnahmezertifikat bescheinigt.

Die ausserschulischen Aktivitäten, die wir Wahlwerkstätte (ateliers au choix) nennen, beginnen um 15 Uhr, nach den normalen Schulstunden

und dauern eine oder zwei Stunden je nach Angebot. Eine Kochwerkstatt „Sozialisationskochen2, die sich sowohl an Eltern als auch an Schüler und Lehrer richtet, findet einmal pro Monat am Samstag Morgen statt.


Wir haben auch die Möglichkeit, Schüler aus den regulären Unterrichtsstunden herauszunehmen und sie in ein Spezialprogramm zu setzen, falls ihre persönliche Situation dies erfordert.

Zwar ist das Nordstadlycée keine obligatorische Ganztagschule, wir bieten jedoch die Möglichkeit an, die Schüler von 7.30 bis 18.00 Uhr zu betreuen, falls sie und ihre Eltern dies wünschen. Für das Schuljahr 2007/2008 sind insgesamt 564 Schüler im NOSL eingeschrieben.

Dank einer sehr kompetenten Lehrerschaft und ganz engagiertem administrativem und technischem Personal, ist der Start dieser neuen Schule problemlos gelungen, dies nicht zuletzt auch durch die gute Zusammenarbeit mit dem eingesessenen Diekircher Kolléisch und der Hotelschule sowie durch die intensive Unterstützung des Lycée Technique aus Ettelbruck.

Das neue Lyzeum trägt also nicht nur zur dringend benötigten Entlastung der übrigen Sekundarschulen des Nordstadgebietes bei, sondern stellt, wegen seines speziellen pädagogischen Konzepts, ein komplementäres Angebot zu den andern Sekundarschulen dieser Region dar und wird versuchen einen ähnlich guten Ruf wie ihre Nachbarschule zu erlangen.

Fränz Schartz
Direktor des Nordstadlycée



Léon Moureaud

Däiwelselter-Interview N° 3



Den Robert Bohnert am Gespréich mam Léon Moureaud, Gemengeseekretär vun der Stad Dikrich, deen den 31. Dezember 2007 a Pensioun geet.

D Wann een de Numm Moureaud's Léi héiert, dann denkt een un Dikrich, un d'Gemeng an un den CELTIC. Leien ech do richtig?

Jo, do leis De 100 % richtig. Dikrich ass meng Heemechtsuertschaft, ech sinn zu Dikrich gebuer, a wéi huet mäi fréieren Direkter Ben Molitor ëmmer gesot, „et gött nëmmen een Dikrich an et gött nëmmen ee Paräis“! (Mäi Papp ass iwwigens zu Paräis gebuer.) Mee t'ass jo kloër, datt Dikrich da méi no läit! Also ass Dikrich op alle Fall d'Nummer eent. Wann een zu Dikrich gewunnt huet, an dat och richtig konnt genéisse - well Dikrich huet jo eng Partie sching Stroossen, de Floss ass eng vun deene schingsten, da bleiwt ee fest, als Dikricher Esel, mat sengem Dikrich verbonn, - och wann een net grad zu Dikrich selwer wunnt. Neewend der Aarbichtsplaz stung a steet ee jo voll am Veräinsleewen mat dran. Dat ass ugaangen mat de PETITS CHANTEURS, dann den CÄCILIEVERÄIN, d'DIKRICHER

MUSIK, an dono ass et de CELTIC ginn, an do si mer jo dann e bësselchen op deem CELTIC, vun deem vidru riets gaangen ass.

CELTIC firwat? Bon, t'ass eng länger Geschicht, do kënt ech eng hallef Stonn driwwer erzielen, well ech hunn de CELTIC am Fong geholl gegrënnt. D'Léift zum Sport, déi ass haaptsächlech hei am Lycée komm, duerch Wagnesch Rémy a Ruden's Ralph, an du huet dat sech esou entwéckelt. Well ech eng Kéier hei zu Dikrich beim nationale Cross-Championnat vun der LASEL deen éischte war, hunn aner Lëtzebuerger Liichtathletikveräiner sech bëméit, fir mech an hir Equipe ze kréien. Well Ruden's Ralph vun Esch war, sinn ech dunn an der FOLA gelannt: ech war fénnef Joër an der FOLA! Mee, ëmmer nëmmen „auswärts“ ze sinn, ni doheëm kënnen ze starten oder fir seng Heemechtsuertschaft unzedrieden, dat huet mer net gepasst, an dunn sinn ech higaang an hu gesot: „Komm,

dat, wat déi aner kënnen, kënne mir och!“ . Scho virun enger Rei vu Jare war de Medernach's Jos mat enger Iddi komm: hie wollt ëmmer zu Dikrich e Liichtathletiksveräin hunn, an dunn huet deen Ablack dat Ganzt sech esou entwéckelt, datt ech an där Richtung Kontakt opgeholl hunn mat dem Jos. Am Ufank war et nach kee CELTIC, wéi en et elo ass, du war et am Fong geholl eng Liichtathletiksektioun vum Basket, deen déi Zäit de nach de STANDARD war. A wéi dat oft a Veräiner mat méi Sektioneun ass, war no engem Jar, wéi et ëm d'Finanzen, d'Opdeelung vu Chargen, asw. gOUNG, net méi grad déi gréissten Eintracht do, an du hu mer 1968 ugefaang, eis selbststänneg ze man, an dat war am Fong geholl den Ufank vum CELTIC, deen sich am Laf vun de Jaren zu engem vun deenen organisationsfreedigste, national an international, hei am Land entwéckelt huet an haut ee vun deene beschten LA-Veräiner am Land ass. Su hat de CELTIC bei der Generalversammlung vun der FLA dëst Jar di grisste Stëmmenzuel bei Décisionen.

D Du hues elo vum Molitor's Ben geschwat. Du wars jo och da Schüler hei am Kolléisch?

Jo, ech si stolz drop.

D Wéini hues de d'Première gemaach?

1968!

D A wéi ass dat sou als Stackdikricher, wann een well schons sou laang am Nopeschduerfer zu Steeë wunnt?

Wann ech lo ganz éierlech sinn, sinn ech ëmmer méi Dikricher nach wéi Steeëner. Et ass elo net, wéi wann ech eng grouss Virleift fir Steeë gehat hätt - also näischt géint Steeën! - mee de Problém war deemols deen, deen en haut och nach ëmmer ass: wann ech hei zu Dikrich eng Bauplaz kritt hätt, hätt ech selbstverständlech och hei zu Dikrich gebaut! An déi Zäit hunn ech dann och schons mam Gedanke gespilt,

datt ech vläicht eng Kéier d'Chance hätt, fir hei zu Dikrich dee Beruff auszeüben, deen ech hat. An do luecht dat Steeën net schlecht - d'lernsduerfer Gemeng ass jo d'Nopeschgemeng vun Dikrich - an ech hunn alt gemengt, als Noper ging ee seng Chancen behalen, fir zu Dikrich ënner Dach ze kommen!

D Ma Du hues et schons gesot, Du hues eigentlech Dikrich ni ganz verlooss an all Schaffdach e sëllechen Stonnen an eiser Gemeng verbruecht. Ziel mol, wéi dat sou ass als administrative Chef vun enger Stadverwaltung a wéi a wéini's Du zu deem Beruff komm bass?

Majo, déi Zäit, wéi ech d'Première fäerdeg hat, du war et mat den Aarbichtsplazen e bësselche wéi mat de Bauplazen, et war och net esou einfach. Ech hunn e ganze Koup Demande léns a rechts geschriwwen an ëmmer rëm hunn ech geduecht, ech géif gären e Beruff kréien, wou ech dat kënt uwenden, wat ech virun am Kolléisch geléiert hat. Mee herno, dunn huet een dat geholl, wat ee kritt huet, wat ech awer ni bereit hunn, ganz am Géigendeel. Duerch e puren Zoufall huet e gudde Noper vun eis, deen um Ponts et Chaussées geschafft huet, den Här Müllenberger, mir gesot: „zu Schieren, do ass eng Plaz als Gemengeseekretär fräi, giff dat Dech net interesséieren?“ Ech war fru, fir eng Plaz ze kréien, du sinn mir dohinner gaangen, an déi hu gesot: „OK, mir kënten eis viirstellen, datt mer zesumme ginge schaffen“, an esou gouf ech Gemengeseekretär, selbstverständlich no Erleedigung vun deene gesetzliche Prozeduren.

An da kënt natierlech eppes, wat interessant ass. Wann's Dé lo de Posten vum Gemengeseekretär hëlls: Ech ging soën, do ass et en onheemleche Plus, wann een als Sekretär op enger klenger Gemeng ugefaangen huet, well een deen Ablack alles matkritt. Op enger grusser Gemeng huet een herno Techniker, d'huet een speziell Büroën oder Servicer fir den Etat civil, d'Populatioun, d'Schullen, Personalfroën, mee op der klenger Gemeng, do muss een alles maachen. Dat war am Fong geholl eng gutt Schull, et huet een all déi Saache matkritt, et kann een haut dat Ganzt vill besser iwwerblécken. Et weess ee besser, wou a wéi d'Problémer sinn, a wann ee vun de Kollegen aus deene Servicer oder aus deene Büroën een ëm Rot froë kënt, dann ass et méi



einfach, well een dann e bësselchen en connaissance de cause ka matschwätze, an net ëmmer muss soën: „Dovunner hunn ech keng Ahnung!“ Et huet ee sech do misse selwer druginn a selwer kucken, datt een do Léisunge fonnt huet, an datt een e Stéck viru komm ass. An dat ass allefall e Plus, wann een dono an eng gruss Gemeng kënt...

D Wéini bass De op Dikrich komm?

Ma ech hunn den 1. Januar 1984 hei zu Dikrich ugefaang.

D Ënnert watfir Buergermeeschteren wars De Sekretär?

Deemols war den Här René Steichen Buergermeeschter, dat war awer net laang, well hien dono eng Nominatioun als Staatssekretär kritt huet. Du ass hien dann an d'Regiierung gewieselt. Dono ass d'Madame Marie-Thérèse Boever komm, dono war et d'Madame Danièle Wagner, dunn den Här Claude Haagen, an elo den Här Nico Michels. (Richtig houfreg war ech awer och, während 8

Deeg den Här Henry Cravatte, iwwigens e Schullkomerod vu mengem Papp, als bourgmestre f.f. gehat ze hunn.)

Zu Schieren war et den Här Albert Weber, dono den Här Gust Goerens. An der Tëschenzäit war ech och nach zousätzlech zu Buerschent, do war et den Här Nicolas Leyder. Ech hunn och nach zu Feelen deelweis ersat, do war et dann den Här Aloyse Borman.

D Et ass interessant, ze gesinn, wivill politesch Patron'en esou e Gemengeseekretär matgemaach huet!

Déi Zäit, wéi ech zu Schieren ugefaangen hunn, war d'Gesetzgebung och nach e bëssen anescht. Haut hunn d'Gemengen alleguere Gemengeseekretäre vun 100 %, déi Zäit war dat e Pourcentage, deen ausgeriicht war op d'Bevölkerung. Ech hu mat 40 % zu Schieren ugefaang.

D Wat huet Der an Dëngem Beruff am meeschte Spaass, a wat huet

der déi gréisste Suergen gemaach?

De gréisste Spaass ass am Fong geholl de Kontakt mat de Leit. Et kann ee wierklech do, wann ee sech dra knéit, a wann een sech och fir d'Problemer vun de Leit interesséiert, eppes fir d'Leit maachen. Et ass natierlech net ëmmer einfach. Dat Schwierigst dobäi - an dat ass och dat Wichtigst - ass, datt een am Ufank emol nolauschert, an da virun allem: de Posten ass wichteg, et dierf een sech selwer net als dee Wichtigsten, oder als dee Wichtigsten huelen. T'ass ëmmer dat, wat ech de Leit ka bidden, wou et drop ukënnt, an un deem wat ech de Leit ka bidden, soll dat Ganzt och jugéiert ginn! An do ass am Fong geholl wichtig, datt een e positive Kontakt mat de Leit huet, an hinnen esou ka virunhëllefen.

Ee Beispill, wat ech ëmmer erziele, wann ee mech freet no enger Anekdote vun deem Ganzen - et gëtt der honnert! - dat war zu Schieren. Déi Zäit sënn d'Kapverdianer relativ massiv an d'Land komm, an dat war e bësselchen alles Neiland. Enges Dags koum do d'äer „faarweger Bierger“ ee bei mech, fir eppes an d'Rei gemaach ze kréien, an huet du zu mir gesot: „Ech soën lech et direkt, e Schwaarze seet engem Wäissen net Merci!“ - „T'ass gutt“, sot ech, „dat hei ass mäin Job. Dir braucht mir net Merci ze soën. Ech ginn duerfir bezuelt, duerfir maachen ech Eech dat och ouni Merci!“ D'Saach war an der Rei. Fënnf, sechs Méint méi spéit - an der Tëschenzäit war en och nach e puer mol erëm komm, wou e gären eppes gehat hätt - kënt en ran an de Büro, setzt mer eng Fläsch Porto op den Dësch, an e seet Merci fir alles, wat ech fir hie gemaach hätt! Dat fannen ech einfach eng flott Saach, an dat ass eng immens Satisfaktioun, wou een op där enger Säit vu kengem eppes verlaangt huet, einfach versicht huet, de Leit virunhëllefen, an déi dono dat dann awer och neidlos a flott unerkant hunn. An dee Kontakt sou, op déi do Aart a Weis, wou am Ufank vläicht Problemer waren, wou een herno dann awer de Leit konnt Satisfaktioun ginn, ech mengen, dat ass eng vun deene flotte Säite vum Beruff.

D Déi gréisste Suergen an D'engem Beruff, dat hues De elo nach net gesot?

Déi gréisste Suergen? Ma an der Zäit, wou ech ugefaangen hunn, do war de

Respekt vis-à-vis vun den Autoritéiten, vis-à-vis vun enger Gemeng, vis-à-vis vun engem Buergermeeschter, nach vill méi grouss. Wann do de Buergermeeschter gesot huet „dat ass lo sou!“, da war dat ganz einfach esou, dann ass dat net a Fro gestallt ginn, an et hätt jo ni e Mënsch dru geduecht, fir ze soen, „ma da prozesse mer lo mol eng Kéier mat der Gemeng! oder da ginn ech bei den Ombudsmann“ O.K., et kënt jo net ëmmer sou wäit, mee haut gëtt alles a Fro gestallt. Dat ass am Fong geholl eppes, wat mer leed deet. Et war déi Zäit méi Respekt do vis-à-vis vun de Gemengenautoritéiten, an net nëmme just virun deene, mee et war jo haaptsächlech mat deene, wou een ze doen hat. An da koum am Laf vun de Jaren dobäi, an dat ass e Phänomen vun eiser Gesellschaft, datt vill ze vill séier jugéiert gëtt. Et ass keen, wann een aneren eppes seet, deen sech nach Gedanke mecht: „Firwat huet deen dat lo gesot?“ Do stécht jo vläicht nach eppes dohanner, do gëtt et jo vläicht eng Ursach, déi engem net direkt opgeet! T'ass net, datt deen dat nuren an d'Welt do setzt, mee deen huet vläicht Suergen, oder Gott weess wat sich nach do hannendru verstoppt. Mir zéien sou séier negativ Konklusiounen aus enger Ausso!

D Mir hunn eis viru laanger Zäit kenne geléiert, net an der Gemeng, mee op engem gemeinsame Projet, wou's Du mat enger Sportséquipe dobäi wors an ech mat der Theatertrupp vum TOL, dee mer deemols just gegrënnt haten. Mir woren zesummen zu Québec 1974 op der Superfrancofête. Ech hunn Dech also als Sportler an als Sportsresponsabel kennegeléiert. Wat bedeit de Sport fir Dech, a virun allem, wat ass fir Dech de CELTIC? Zum Deel hues De eigentlech déi Fro schons beäntwert.

De Sport ass eppes, wat ech ni wëllt mëssen! De Sport ass eng herrlich Schull fir d'Berufsliewen: Fairplay, Asaz, ni opginn, op Saache verzichte kënne, seng Grenze kenne léieren an trotzdem eppes errechen, ëmmer erëm versichen, zu engem positive Resultat ze kommen.

Wat awer och beim Sport einfach flott ass: duerch de Sport huet een eng ganz Partie Kontakter kritt, et huet ee Leit kennegeléiert, a wann een am Beruff

herno mat deene Leit geschwat huet, do war ganz huerteg en anert Verständnis do wéi mat aneren, op dat lo e Camille Polfer war, oder e Georges Lanners, déi héich Fonctiounen haten. Dat war scho ganz interessant! Dat ass haut och nach esou. Wann een een ze kontaktéieren huet, an et weess een: „Ah! OK! Dat ass deen!“, da kann een anescht mat deene Leit schwätzen an diskutéieren, op vill méi eng locker, an dann awer och meistens op vill méi eng produktiv Aart a Weis, wou ee soss einfach um Telefon ofgewimmelt gëtt. Hei hëlleft dat engem ganz oft, datt ee fir dee Problem, deen een huet, och da séier a meistens onkompléiert eng Léisung fënnt!

D Ech ka mer schlecht virstellen, datt's Du Dech lo och aus dem Dikricher Veräinsliewe giffs erauszéien. Wat sinn sou allgemeng Deng Pläng fir d'Zukunft?

Nee, dat wäer lo dat Schlëmmst, wat ech mir kënt undoen! Dat Schlëmmst, wat engem kënt passéieren, wier wann ee sech ging langweilen. Wann ee mech freet: „Wat mechs De dann elo herno, wanns De d'Pensioun hues?“, da soen ech: „Da maachen ech dat am Dag, wat ech lo owes oder nuets maachen!“ Also, wann een an engem Veräin ass wéi am CELTIC, an dat ass jo net deen eenzege Club oder Veräin, wou ech dra sinn, a weess, wat am Laf vum Joër do alles op der Tapéit steet, da behält/kritt ee genuch Beschäftigung

Dann hunn ech beschloss, am nächste Joër neess an der Leichtathletikfederatioun eng Charge ze iwwerhuelen, well ee jo als Veräin net ëmmer nëmme just kann vun enger Federatioun eppes verlaangen, an op där aner Säit awer seet: „O nee! Eis Leit, déi sinn eis awer ze schued, déi schécke mer net dohinner!“ Esou wäert ech am CELTIC och weider massig Beschäftigung hunn an esou an eisem Dikricher Sportsliewen, eventuell och an der Entente vun den Dikricher Sportsveräiner, aktiv weiderschaffen.

D Ech soën Der villmols Merci fir d'äst flott Gespräch a wënschen Der vill Freed a Glück an Denger Pensioun!

Dësen Interview gouf den 30. November 2007 vun eisem Redaktionsmëmber Robert Bohnert opgeholl.

Jugendhaus Expo „Encre noire“



wéi och op Völklingen organiséiert. Fir Ideen vu Fotoen ze kréien, goufen och verschidden aaner Photo-Expositiounen besicht. No 8 Méint Aarbësch wor d'Resultat vum 10. November bis den 3. Dezember am Kulturhaus zu Dikrich ze gesin, wou 5 Jonker hiir Wierker ausgestallt haaten.

Um Vernissage vun der Expositioun, déi den 9. November wor, hun den Präsident vun der Kulturkommissioun Robert Bohnert, den Buergermeeschter vun Dikrich Nico Michels, an den Präsident vun der Nordstadjugend a.s.b.l. Jacques Dahm, deene Jonke an der Educatrice Joana Lopes, déi den Projet geleed huet, gratuléiert fir d'Resultat vun hiirem Projet. Am Kader vum deemem Projet hun dann och zwee Jonker, d'Patricia Oliveira an den Ismael Lopes, mat hiire Photo'en beim internationalen Photoconcours vu Fosses bei Parais deelgeholl. Dobai huet d'Patricia Oliveira eng gudd fënnfte Plaz realiséiert, den Ismael Lopes

gouf souguer Drëtten. Als Oofschloss vun deemem flotte Projet „Encre noire“, gouf mat deene Jonken zesummen, den éischten an zweeten Dezember, en Trip op Fosses organiséiert, wou d'Praisser vun deemem Concours verdeelt goufen. Kombiniéiert gouf deesen Trip mat engem Openthalt zu Parais selwer, wou dann och nach passend zum Projet di eng oder aaner Photo gemaach gouf.

Baim Projet matgemaach hun: d'Patricia Oliveira, d'Mandy Brito, Stéphanie Ramos, d'Anabela Pires an den Ismael Lopes.

Claude Nussbaum
Responsablen vum Dikricher Jugendhaus

„Nët nëmme Fotoen ze kucken as interessant...“, sou kéint een de Motto vum Projet «Encrenoire» emschreiven. Nodeems desen Projet zum Thema Fotografie, am Dikricher Jugendhaus, schon iwert eng länger Zäit geplangt wor, wor d'Joër 2007 dat Joër, wou den Projet sollt Realitéit gin. No villen Virbereedungen as et dunn endléich am Abrëll lass gaangen. Als éischt stoung eng kleng Introduktioun zum Thema um Programm; ënnert aanderen gouf sech hei d'Fro gestallt, wéi eng Geschicht dass d'Fotografie schons hannert sech huet. An engen selegen Workshop'en gouf gewisen an erklärt, wéi een mat engem analogen oder engem digitalen Photoapparat emgeet; et gouf och mat Dia'en an Polaroid geschafft.

Dat Wichtigst wor awer natierlech fir di Jonk d'Knipsen selwer. Ufanks goufen all d'Fotoen mat engem analogen Apparat gemaach, déi Fotoen goufen dann och selwer an der „Dunkelkammer“ entwéckelt, déi den Dikricher Photoclub frëndlecherweis zur Verfügung gestallt huet. Et goufen Fotoen am Studio realiséiert, an et goufen och verschidden Photoexkursiounen ronderem Dikrich,



Expo Dikricher Photo-Club



© Ben Blum



© Ben Blum



© Ben Blum

Amicale fir den 3. Alter

Bazar den 11.11.07 / Porte ouverte den 14.11.07



© Ben Blum



© Ben Blum



© Ben Blum

Hierschtfest

den 29. an 30. September



© Ben Blum



© Ben Blum



© Ben Blum

Salz & Brout 2007



Fir di zweete Kéier huet d'Stad Dikrich - op Initiativ vun der Sozialkommissioun - all déi Lett, di am Jar 2007 op Dikrich wunne komm sinn, an der aler Hotelschull emfaang, fir si offiziell als nei Dikricher wëllkomm ze heeschen.

No der Begréissung duerch d'Madame Françoise KERGER, Präsidentin vun der Sozialkommissioun, huet de Schäffen Paul BONERT d'Stad Dikrich an enger flotter an interessanter Photoshow vun alle Säite belicht an eng Abberzuel vun nützlichen Informatiounen ginn.

Duerno kruten di nei Dikricher de Guide du citoyen (@home in Diekirch) ausgedeelt, äer den Owend bei engem gudden Maufel - vun de Membere vun der Ausländerkommissioun préparéiert - an engem gemittliche Patt zu Enn gung.

De Saxophonquartett vum Conservatoire du Nord mam Joëlle WISELER, Tania PERRARD, Sandra DE MARIE-SCHALTZ a Jeanne BORMANN aus der Klass vum Roland SCHNEIDER, huet fir dee musikalischen Encadrement gesuergt.



Babysitterausbildung in Diekirch



aus den Bereichen Entwicklung und Entwicklungsförderung aus psychologischer und pädagogischer Sicht.

Frau Valérie Calvisi, Kinderkranken-schwester, informierte ihrerseits die Jugendlichen über Krankheiten, Verletzungen und deren Versorgung.

Auf Anfrage der Kommission für Chancengleichheit organisierten die Mitarbeiter der Afp-Services Erziehungs- und Familienberatung eine Babysitterausbildung am 23. und 25. Oktober in Diekirch.

Innerhalb dieser Ausbildung vermittelte Antonia Kuffer, éducatrice graduée, wesentliche Informationen besonders

Ausserdem konnten durch Mia und ihre Mutter besondere Hinweise zur Säuglingspflege und Hilfestellung im Umgang mit Kleinkindern dargestellt werden.

Antonia Kuffer wünschte den Teilnehmern viel Erfolg und vor allem Spaß bei ihrer verantwortungsvollen Beschäftigung.

Abschlußbescheinigungen erhielten:

Cindy AMARAL NUNES, Joé COVINO, Silvana DA COSTA GOMES, Carlos DA LUZ, Manon EICHER, Gorge FONSECA, Milly GLAESNER, Claudia LAGE BOTHELHO, Sandra ÖZEN, Jakkie PAULUS, Manon SCHUMACHER, Tammy SIMON, Anne THIEL, Angela VERBEEK, Tea VUKASINOVIC, Jessica WAGNER, Catherine WEBER, Carole WOLTER.

AFP-Services führt Babysitter-Kurse im ganzen Land durch und kann daher Babysitter aus allen Gegenden vermitteln. Interessierte Eltern erhalten kostenlos Angaben unter der Telefonnummer: 46 00 04 1

Guiden- a Scouts kiermes am Floss

Wi de Robert Baden Powell am Jar 1907 mat engem Grapp voll Jugendlichen op der Insel Brownsea fir puer Deeg ee Camp ofgehalen hutt, konnt kee sich virstellen, datt domadder di grisste Jugendorganisation vum der Welt an d'Leewe geruff gi war. Dat war virun 100 Jar.

Am Jar 1917, also virun 90 Jar ass aus dem Jünglingsveräin den Dikricher Scoutsgrupp, deen am Ufank St. Laurent Dikrich geheescht hutt, entstan.

Nom Krich hu mir, als Udenken, den Numm vun eisem Gruppechef dem Tony Noesen, dee vun de Preisen erschoss guff, ugeholl.

Am Jar 1947, also viru 60 Jar, kruten di Dikricher Scouten den Terrain am Floss, wu lo eis Homer drop stinn, vun der Famill Leyder-Infalt geschenkt.



© Laurent Pott

Fir di 3 Datumer ze feieren hu mir eng Kiermes organisiéiert.

Am Jar 1994 hunn d'Guiden an d'Scouten fusionniéiert. Bei dëser Gelegenheit hu mir den Numm St. Laurent / Tony Noesen ugeholl. Domadder ass eist Fest och di ischt Guiden- a Scouts kiermes ginn.

D'Preparatiounen hu scho Woche virdrunn ugefaangen. Di ischt Unzeechen no bause waren d'Stroossepanneauën an deene véier Agäng vun Dikrich, an de Flyer, deen an all Haushalt verdeelt guff.

Fir eist Fest su sching wi miglich ze gestalten, hu mir keng Méi gescheit fir Konstruktiounen, wi zum Beispill eng Entreespaart an su munich Zelter, opzeriichten.

De 7. Oktober war et su wäit. Bei deem schingsten Hierstwierder guff eis Kiermes matt engem Concert-Aperitiv vun der Grupp 'Säitesprong' agelaut.

Dunn ëm d'Mëtteszäit ass den grusse Stuerem op d'lessen no uewen an de Chalet lass gaang. Et stungen zwee Menuën zur Auswiel. Ee Kannermenu an fir di Gruss guff et Fauxfilet mat Fritten an Zalot, déi mir an eiser renovéierter Kichen selwer zoubereed hunn.

A senger Usprooch hutt de Gruppechef adj. Paul Lorentz (Fory) all eis Gäscht begréisst. Matt kuerze Wieder hutt hien de weideren Oflaf vum Dag virgestallt. Fir iwver d'Gebuert an di fréier Zäiten vun den Dikricher Guiden a Scouten ze schwetzen, wier heen feel op der Plaz. Ween hätt an deem Moment nët besser iwver d'Geschicht a Geschichtercher vum Veräin a vum Floss kënnen erzielen wi eise fréiere Gruppechef a President, dem Max Thillen, deen eis an dësem Jar fir ëmmer verloss huet. Am Ausbléck hutt de Flory och eise Projet Neibau virgestallt, mee dozou méi mi spitt an dësem Artikel.

Wi bei den Erwuessenen dunnt d'Verdauung agesat huet, während deem se sech de Kaffi an de Kuch gudd schmaache geloss hunn, sinn d'Kanner op di vun de Guiden a Scouten organiséierten Aktivitéite lass gaang. Aus eisem ganze Repertoire guff niewt ville Spiller: Stockbrot, Quiz, Fissellen driën, Seelbunn, Aafebreck, Guiden- a Scouts musee an ee Rally ugebueden



© Laurent Pott

Am Musee dee mer an de Juchten ageriicht haten, konnten eis Inviteeën de ganzen Dag al Uniformen, Badger, Foularden an Erënnerungsstécker bewonneren.

Während deems an den Albumen gebleedert guff, si vill sching fréier Momenter aus de Guiden a Scouten an Erënnerung geruff ginn. Di beste Biller vun deene letze 90 Jar sinn an enger Diashow gewise ginn.

Desweideren konnten mir eise Gäscht d'Pläng vun eisem Projet „Neibau“ weisen. Well eis Memberzuel an de letzten Jaren permanent an d'Lucht gaangen ass an eis Räumlechkeeten fir suvill Lett ze kleng sinn, hun mer eis entschloss bäizebauen. Den „Neibau“ wäert un den aktuellen Home Prince Jean ugebaut ginn a begräift ee Versammlungssall vu 70m², ee Stockage an ee Sanitärraum mat enger behënnertegerechter Toilette.

De gelongen Dag hu mer mat engem Ofschlossconcert vun der Grupp „TomBo“ ausklänge geloss. Di letzt Gäscht hu richt spitt no Metternuecht den Heemwee ugetrueden.

Wann Dir lo nach mi genee wësse wëllt wat alles op der Kiermes ugebuede ginn ass oder wann der einfach nëmme firwëtzig sidd iwwert d'Aktivitéiten vun den dirkicher Guiden a Scouten, dann kuckt lech mol eisen Internetsite un: <http://diekirch.lgs.lu>

RaRo Dikrich



© Laurent Pott



© Laurent Pott



© Laurent Pott

Festival de la Gravure 2007

A Präsenz vum Schäffen- a Gemengerot huet de Präsident vun der Kulturkommissioun, Robert BOHNERT, de „Festival de la Gravure 2007“ an der Maison de la Culture an der Béiergaass opgemaach. Heen huet di national Bedeitung vun dësem Festival ennerstrach an zugleich bedauert, dass di national Kulturpress in „-Wort und -Bild“ den alljährliche kulturellen Highlight aus dem Norden un deem sich Kënschtler aus aller Häre Länner bedeelegen an deen ouni Zweifel internationale Standard huet, nët genuch an d'Fenster stellt. Op jidde Fall sinn Jean LEYDER, Paul KINTZIGER an hir Mataarbichter fir de Cru 2007 vum Festival de la Gravure ze félicitéieren. De Robert BOHNERT huet den Organisateur verséichert, dass de Schäfferot an d'Kulturkommissioun vun der Stad Dikrich och am Jar 2008 de „Festival de la Gavure“ wäert finanziell a logisitisch ennersetzen.



© Ben Blum

D'Dikricher Solschlüsselcher op Concertsrees an Amerika

„Wéi wier et mat enger Concertsrees an Amerika?“ Sou housch et an der Generalversammlung am März 2006.

Den Dirigent Marc Dostert koum domat, nodeems hie vum Gilbert Kohn déi Iddi an de Kapp gesat kritt hat.

„Wouhinn a wéini ? Wéi soll dat da goen ?“ dat waren d'Froen déi direkt am Raum stungen. Ma vum 14. bis den 19. August ass zu Machias am Staat Maine dee bekannte „Blueberry-Festival“, an de Weekend drop zu Bangor den „International Folk-Festival“. Dat wier dach flott fir do mat ze maachen!

„Soll dat alt klappen, soll dat eppes ginn?“

Déi jonk Memberen vun de Solschlüsselcher waren direkt Feier a

Flam. D'Elteren hunn och direkt gréng Luucht ginn, an d'Dikricher Gemeng war positiv agestalt. Also huet de Comité sech op d'Bee gesat an ugefaang mat plangen, rechnen an organiséieren. Gott sei Dank hate mir e puer Kontaktadresse kritt vum Gilbert, de Marc Dostert huet och scho Leit kennt, an d'Sylvie Neves, eis Präsidentin huet sech mol an der Neier Welt bemierkbar gemaach.

„Et wäert jo alt klappen, et wäert jo eppes ginn!“ Dat waren ëmmer eis Gedanken.

Vun alle Säite si mir encouragéiert an ennerstëtzt ginn, a mir hu geschafft! Och déi amerikanesch Ambassadrice, d'Mrs Ann L. Wagner, huet eis ennerstëtzt d'Äerm gegräff.

Den Här Jean Nickels, dee scho puer

mol do war, huet spontan gesot, hie géif eis gär begleeden, wa mir näischt dergéint hätten.

„Et klappt, et gött eppes“!

17 Méint duerno, an eng sëllegen E-mailen an Telefongespréicher méi spéit, ass de Fliger mat eis 35 Dikricher Solschlüsselcher pünktlich um 21 Auer Lokalzäit zu Boston am Staat Massachussets gelant. Fir haut geet et awer lo duer, lo gi mer mol hei ëm den Eck zu Saugus an den Days Inn schlofen, a muer kucke mer virun!

Moies an aller Herrgottsfréi hu mir eis dunn op de Wee gemaach, 5 Stonne laang, iwwer Augusta a Bangor bis mir endlech zu Machias ukoumen. Hei ware mir an der University of Maine ennerbruecht fir déi éischt 5

Deeg. Samsdes owes konnte mir um Blueberry-Festival e Musical kucke goen an hirer Kierch. Jo, et war wierklech an der „Centre Street Congregational Church“. Den aneren Dag war et dunn un de Solschlüsselcher: Si hu moies an der Mass gesong, an nomëttes war déi selwecht Kierch strubbelvoll, wéi si hire Concert zum Beschte goufen. Beim läschte Lidd, zesumme mam „Washington County Childrens Choir“ waren déi léif amerikanesch Leit einfach begeeschtert.

Op ville schéine Plazen an deem Deel vum Staat Maine konnten d'Solschlüsselcher nach weisen, wat si kënnen. Souguer bei engem Ausflug an de Kanada an de „Roosevelt Campobello International Park“ haten si déi grouss Chance, an der Summerresidenz vum Prääsident Roosevelt ze sängen.

Nodeems zu Eastport „Whale Watching“ ugesot war - an et ware wierklech eng etlech där décker Battien do fir eis ze begrëssen - stung e flotte Concert am „Eastport Arts Center um Programm, wou déi Dikricher Solschlüsselcher hirem Numm rëm all Eier gemaach hunn.

Leider war awer lo den Dag komm fir Machias a seng léif Awunner ze verloossen. Mat Homard, Lobster, goufe mir op der Universitéit verabschied. Awer net ier mir der Madame Johanna aus der Kichen, déi eis all Dag sou gutt mam Kascht verwinnt hat, en extraë Stännchen gesongen haten. Dës Damm ass nämlech aus Däitschland a war net méi wéi glécklech, mol rëm emol zanter ronn 20 Jor an hirer Mammesprooch ze schwätzen. Wéi d'Sollen dunn och nach e puer däitsch Vollekslieder gesong hunn, waren d'An am Sall alleguer fiicht.

Eis nächst Etapp war Bangor, och am Staat Maine. Et war knapps Zäit am Hotel „Econolodge“ auszepaken, du hunn d'Solle scho mussen am „Eastern Maine Medical Center“ den nächste Concert sängen. D'Patienten, d'Personal an och all aner Leit déi am Festsall vun der Clinique waren, sinn net fäerdeg gi mat applaudéieren. Et war eng eenzeg Begeeschterung.

Nom Concert konnt de ganze Chouer mam Comité sech op e Barbecue bei der Famill Miller freeën. Duerno gung et op den „Folk Festival“ fir den Owend auskléngen ze loossen.



Freides war e vun de wichtegsten Deeg op der ganzer Rees: Mir si bei de Galen Cole gefuer! Dësen Här hat sech drëm gekëmmert, dass mir e Bus kruten fir eis an den USA ze bewegen. De Jean Nickels, deen eis op eiser Rees begleet huet, ass e perséinleche Frënd vum Galen Cole.

De Mr Cole, e Veteran vun 90 Jor, huet de „Cole Land Transportation Museum“ zu Bangor gegrennt an opgebaut. Hei fënnt een och d'Monumenter vum „Maine Vietnam Veterans Memorial“. A just deen Dag war de „Maine Vietnam Veterans Recognition Day“. Gesprécher tëscht eise Jugendlechen an de Veterane ware virgesinn, ier dunn de Gouverneur vum Staat Maine koum, de Gov. John Baldacci. D'Solschlüsselcher hunn dem Gouverneur an dem Mr Galen Cole hir Cadeaue iwwerreicht, an duerno gouf et Zäit fir den offiziellen Deel. Wéi bei där ergräifender Memorialfeier déi zwou Nationalhymne gesong goufen, war et bei deene ronn dausend Leit esou roueg, et war scho wierklech ganz impressionnant.

De Samsdeg war den éischten Dag wou mir dunn endlech emol shopping maache konnte. Nieft dem Festival war awer och zu Bangor an der St John's Catholic Church eng Mass ze sängen. De Jos Majerus, eisen Organist, konnt op der Uergel all Register voll ausspillen an huet sech selwer iwwertraff. Och sonndes moies hunn d'Solschlüsselcher d'Houmass an der selwechter Kierch gesong. Den absoluten Héichpunkt vun der Rees war lo de Concert sonndes owes an der St John's Church. Dëse Concert ass och live matgeschnidde ginn, a mir kruten dovun eng CD. Wann

ee bedenkt dass an déi Kierch bis zu 1000 Leit ra ginn, an d'Kierch déi 3 mol voll war, kann ee soen dass d'Dikricher Solschlüsselcher hei an 2 Deeg virun ongeféier 2500 Leit gesong hunn. Dat ass fir eis Verhältnisser scho ganz schéin.

Lo konnte mir eis all op nach 2 Deeg Vakanz freeën a ganz relax eis Rees auskléngen loossen. De Musée „Fort Knox“ war ganz interessant, an den „Acadia National Park“ mat der Stad Bar Harbour war e Paradäs.

Dënsdes hu mir d'Valise gepaakt a mam Bus si mir, mat Zwëschestopp zu Portland, a Richtung Boston kutschéiert. Hei hate mir nach annerhalwen Dag Zäit fir e puer Dollar aus ze ginn.

Et waren ustrengend 12 Deeg fir d'Solschlüsselcher mat all Dag Prouf a bal all Dag e Concert. Mee et war immens flott! De Péitrus stong ganz op eiser Säit an huet all Dag d'Sonn schinge gelooss, iwwerall si mir mat oppenen Äerm empfang ginn, d'Leit ware begeeschtert vun de Concerten a waren all der Meenung: Lëtzebuerg ass e schéint Land!

D'Dikricher Solschlüsselcher hunn d'Stad Dikrich an d'Land Lëtzebuerg gutt déi Säit vum grouss Pull vertrauden!

Fir de Jugendchouer war et eng wonnerbar Erfahrung a si wäerten bestëmmt nach laang vun dëser fantastescher Rees erzielen.

Dikricher Solschlüsselcher



Tel: 80 48 85 - 49
Tel: 80 48 85 - 46

Produktioun an Verkaaf vun
Bio-Geméis
Bio-Kräider
Bio-Héichstamm
Bio-Jongplanzen
Bio-Uebst an Bio-Blummen

Äre Spezialist fir Bio-Geméis hei am Land

Dir kennt eis Offer um Internet
eroflueden:
www.fpe.lu



Mir sin op folgende MÄRT

- **Dikrech** (all Densdeg)
- **Ettelbréck** (all Freiden)
- **Cliärréf** (all 3ten Donneschdeg am Mount)
- **lechternach** (all 2ten Mettwoch am Mount)

**Mir liwweren lech eis Produkter, hei zu Dikrech, ab enger
Commande vun 10€ un, heem.**

Dir fand eis zu :

- **Allerbuer** (route de Bastogne, 5) : tëschen 09 an 15 Auer
Meindeg-Freideg
- **Baastenduerf** (rue du Herrenberg, 2) : tëschen 08 an 15 Auer
Meindeg-Freideg
- **Jonglënster** (rue de la Montagne, 21) : tëschen 08 an 15 Auer
an der Saison (Mai-September)

Lëtzebuenger Owend

Musikalisch a kulinarisch Spezialitéiten

Samsdeg de 24. Mee 2008 em 20.00

am Festsall vun der Maison de Soins
Sacré Coeur an der rue de l'Hôpital zu
Diekirch.

„Ee Bouquet vun de schingsten a
bekannteste lëtzebuenger Melodien an
dobäi kennt Dir ee gudder Maufel iessen.“

**Chorale Municipale
Sängerbond, Diekirch**

www.saengerbond.org.lu

Bicherbus 2008 Tournées

Tour 10

| | |
|------------|---------------|
| Schieren | 08:25 - 09:05 |
| Märzeg | 09:25 - 09:55 |
| Useldeng | 10:10 - 10:25 |
| Gilsdorf | 11:00 - 11:35 |
| Ettelbréck | 14:00 - 14:50 |
| Dikrich | 15:00 - 15:30 |
| Fiels | 15:45 - 16:15 |

Donneschdes den:

| | |
|------------|--------------|
| Januar: | 10 / 24 |
| Februar: | 02 |
| Maërz: | 06 / 20 |
| Abrëll: | 17 |
| Mee: | 29 |
| Juni: | 12 / 26 |
| Juli: | 10 / 24 |
| September: | 18 |
| Oktober: | 02 / 16 / 30 |
| November: | 13 / 27 |
| Dezember: | 11 |

An de Schoulvakanzen:

Donneschdes den: 24/07

| | |
|------------|---------------|
| Schieren | 09:15 - 09:30 |
| Märzeg | 09:50 - 10:10 |
| Useldeng | 10:25 - 10:45 |
| Gilsdorf | 11:15 - 11:35 |
| Ettelbréck | 14:00 - 14:25 |
| Dikrich | 14:35 - 15:05 |
| Fiels | 15:20 - 15:50 |



Calendrier 2008

Édité par le Syndicat d'Initiative et de
Tourisme de Diekirch.

à l'occasion de son 125^e anniversaire
avec 12 photos des plus beaux coins de
Diekirch !

Un cadeau de Noël idéal !

Prix: 10€

**en vente au Syndicat d'Initiative
Diekirch**



Exposition-vente de boules de Noël

Décorées artisanalement par Madame
Ginette Henckes.

La recette intégrale sera versée à
l'association Trait d'Union qui aide des
personnes ou familles en détresse au
Luxembourg.

Un cadeau de Noël idéal !

Prix:
Grandes boules: 12€, petites boules: 6€

**en vente au Syndicat d'Initiative
Diekirch**



Calendrier des déchets provenant des menages Haushaltsmüllabfuhr > 2008

Valable pour la commune Diekirch

Gültig für die Gemeinde Diekirch

| | Poubelles Müllkübel | Déchets encombrants Sperrmüll | Vieux papiers, cartons Altpapier, Kartonagen | Télé, frigos, ferraille Fernseher, Eisenschrott | PMC VALORLUX | Superdrecks- këscht |
|-----------|---------------------------|----------------------------------------------------|-------------------------------------------------------|----------------------------------------------------------|-----------------|----------------------------|
| | I | II | III | IV | V | VI |
| Janvier | 4-11-18-25 | 19 | 22 | 17 | 9-23 | / |
| Février | 1-8-15-22-29 | / | 26 | 21 | 6-20 | 19 |
| Mars | 7-14-21-28 | / | 25 | 20 | 5-19 | / |
| Avril | 4-11-18-25 | 19 | 22 | 17 | 2-16-30 | / |
| Mai | 2-9-16-23-30 | / | 27 | 15 | 14-28 | 23 |
| Juin | 6-13-20-27 | / | 24 | 19 | 11-25 | / |
| Juillet | 4-11-18-25 | 19 | 22 | 17 | 9-23 | / |
| Août | 1-8-16-22-29 | / | 26 | 21 | 6-20 | 9 |
| Septembre | 5-12-19-26 | / | 23 | 18 | 3-17 | / |
| Octobre | 3-10-17-24-31 | 18 | 28 | 16 | 1-15-29 | / |
| Novembre | 7-14-21-28 | / | 25 | 20 | 12-26 | 18 |
| Décembre | 5-12-19-27 | / | 23 | 18 | 10-24 | / |
| | les vendredis Freitags | 4 x par an 4 x pro Jahr 40€ / m ² | le 4 ^e mardi 4 ^{ter} Dienstag | le 3 ^e jeudi 3 ^{ter} Donnerstag | | 4 x par an 4 x pro Jahr |

Bitte Sperrmüll und PMG-VALORLUX am Vorabend vor die Tür stellen.

Wichtig!

Betrifft nur Sperrmüll, Kühlschränke, Fernseher und Schrott!

Abnahme nur auf telefonische Anfrage 3 Tage im Voraus beim:

Service Technique Municipal
T. 80 87 80 - 401
(nur morgens)

Prière de mettre les déchets encombrants et PMC-VALORLUX la veille devant la porte.

Important !

Concerne uniquement les déchets encombrants, télévisions, frigos et ferraille!

Enlèvement uniquement sur demande téléphonique 3 jours à l'avance au:

Service Technique Municipal
T. 80 87 80 - 401
(uniquement le matin)

Exploration du monde

«En musique et en images au coeur du Népal»

par Jean-Claude BAÏSSE

Vendredi, le 1^{er} février 2008

Au coeur du Népal, une marche initiatique avec l'un des derniers Chamanes, à la rencontre des petits villages et de leurs habitants qui délivrent leur message qui rappelle aux hommes que la terre existait avant eux et qu'elle continuera bien après eux, s'ils ne prennent garde à la préserver.

«Galapagos - Île de Pâques»

par Gérard BAGES

Vendredi, le 21 mars 2008

Les scientifiques découvrent que notre planète pourrait un jour ne plus assurer la survie des hommes. Dans deux îles du Pacifique, Gérard Bages dévoile des modèles étonnants de micro-civilisations et de micro-destinées. Deux îles à ne pas manquer...

Les séances de l'«Exploration du Monde» en présence du conférencier sont tenues au Ciné Scala.

Ciné Scala

Programme

Pour les séances régulières du vendredi au mardi et pour les séances du «Ciné-Club CDAC» veuillez bien consulter la presse (www.utopolis.lu) ou le «Infokanal» de la Commune de Diekirch.



Carnet d'adresses pour les manifestations culturelles

Léif Frënn vum Däiwelselter,

D'Administratioun vun der Gemeng Dikrich wëll hir Adresslëschtchen à jour setze. Mir bieden dohier déi Lett, déi un Informatiounen an Invitatiounen zu de kulturellen Evenementer, déi ënnert dem Patronnage vun der Stad Dikrich organiséiert ginn (Ausstellungen, Concerten, Konferenzen, ...), interesséiert sinn, d'Gemengesekretariat ze kontaktéieren. Dir kënnt entweder d'Souche hei ënnedrenner ausfüllen an aschécken, een E-mail un paul.keltesch@diekirch.lu maachen oder um T. 80 87 80-203 uruffen.

Déi Lett, di nët zu Dikrich wunnen, aver drunn interesséiert sinn den „Däiwelselter“ ze kréien, si gebieden sech iwwert di selwecht Adress ze melden. Weider Informatiounen zum Abonnement kritt Dir da matgedeelt.

D'Redaktiounsequipe

Chers amis du Däiwelselter,

Afin de permettre à l'Administration municipale de revoir les listes des personnes désirant recevoir des informations et des invitations au sujet des manifestations culturelles (expositions, concerts, conférences, représentations théâtrales e. a.) organisées ou patronnées par la Ville de Diekirch, nous prions toutes les personnes intéressées de bien vouloir en informer le secrétariat communal soit en renvoyant la souche ci-dessous, soit en envoyant un e-mail à l'adresse paul.keltesch@diekirch.lu, soit en téléphonant au numéro T. 80 87 80-203.

Les personnes qui n'habitent pas Diekirch et qui souhaitent recevoir le «Däiwelselter» voudront le signaler à la même adresse. On les contactera pour les informer des conditions d'abonnement.

L'équipe de rédaction

Adresse :

Administration municipale
c/o Däiwelselter - liste d'adresses
B.P. 145
L-9202 Diekirch

Je soussigné(e)

Nom: _____ Prénom: _____

Adresse: _____ Code postal: _____

Localité: _____

Téléphone: _____

demande par la présente à être inscrit(e) sur la liste des personnes intéressées aux manifestations culturelles de la Ville de Diekirch.

Date: _____ Signature: _____

Quiz

Kennt Dir di dräi Gebäier zu deenen dës Fotoe passen?

Dann maacht eis een E-Mail un daiwelselter@diekirch.lu, sot eis wéi eng dräi Dikricher Gebäier hei ze gesi sinn a gitt eis och weg Är Adress un. Oder schéckt eis eng Postkaart mat deenen dräi Gebäier an Ärem Absender un:

Administration municipale
c/o Commission de la Culture - Quiz
B.P. 145
L-9202 Diekirch

Ënnert de richtigen Äntwerte ginn 4 flott Bicher verloust. D'Gewënner ginn an der nächster Nummer publizéiert a kréien d'Bicher zougestallt.

Vill Spaass beim Rätselen
D'Redaktiounsequipe



A



B



C

Gewënner vum Quiz 02/2007

Grosch Carlo,
Henrion Marie-Anne,
Kneip Zoé,
Mike Faber.

Manifestationenkalenner

12.2007 > 04.2008

| Datum | Wou? | Wat? | Wien? |
|--------------------------------------|-----------------------------------|--------------------------------------------------------------------|----------------------------------------------------|
| Vum 10. bis den 31. Dezember | Kulturhaus | Ausstellug: „Expo d'hiver“ | La Palette & Kulturkommissioun |
| Sonndig, de 16. Dezember um 17h00 | Al Kierch | Concert de Noël | Dikricher Sollschlüsselcher |
| Donnesdig, den 20. Dezember um 19h00 | Al Kierch | Concert de Noël vun der Chouerschull (direction Martin Folz) | Conservatoire de Musique du Nord |
| Samsdig, den 12. Januar um 20h00 | Al Seeërei | Cabareenert | CELTIC |
| Samsdig, den 12. Januar um 19h00 | Al Kierch | Concert „Les jeunes qui chantent“ (direction Martin Folz) | CMNord et Friedrich Spee Chor Trier |
| Samsdig, de 19. Januar um 15h00 | Al Seeërei | Matinée musicale | Conservatoire de Musique du Nord |
| Donnesdig, de 24. Januar um 18h30 | Al Kierch | Petit Concert | Conservatoire de Musique du Nord |
| Dënsdig, de 29. Januar um 19h00 | Al Kierch | Audition de guitares, classe de Leon Frijns | Conservatoire de Musique du Nord |
| Freideg, den 15. Februar um 19h00 | Kulturhaus | Vernissage vun der Ausstellung: „Edoardo Marcon“ | Kulturkommissioun & Amitiés italo-luxembourgeoises |
| Vum 16. bis den 23. Februar | Kulturhaus | Ausstellug: „Edoardo Marcon“ | Kulturkommissioun & Amitiés italo-luxembourgeoises |
| Sonndig, de 6. Abrëll um 17h00 | Al Seeërei | Gala Brass Ensemble & Danse | Conservatoire de Musique du Nord |
| Freddig, de 09. Mee um 20h00 | Al Kierch | Fréijorsconcert vum Cercle symphonique (direction Norbert Colling) | Conservatoire de Musique du Nord |
| Samsdig, de 24. Mee um 20h00 | Festsall vun der Maison des Soins | Lëtzebuurger Owend - musikalisch a kulinarisch Spezialitéiten | Saengerbond |


Dës Manifestatioune ginn ënnert der Responsabilitéit vun der Kulturkommissioun organiséiert.



Opruff un d'Veräiner

D'Redaktiounsequipe vum Däiwelselter bied d'Veräiner, déi eng Manifestatioun ukënnige wëllen, hir dat sou fréi wéi méigleg matzedeelen op daiwelselter@diekirch.lu
 Mir feeën eis och driwwer Detailler a Fotoën vun traditionellen Evenementer, wéi Krëschtconcerten, Fester, Theaterowender, Konferenzen, asw. zur Zäit an Erënnerung ruffen ze kënnen.
 Mir soë scho Merci am Virus

D'Equipe vum Däiwelselter wënscht alle Lieserinnen a Lieser ganz sching Chrëstdeeg an e gudde Rutsch an d'Jar 2008.



www.diekirch.lu

